ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, de 14. Mäerz 2017

Depot: Fernand Kartheiser

MOTIOUN

D'Chamber stellt fest:

- datt d'Effektiver vun der Lëtzebuerger Arméi bei wäitem net un den autoriséierten Effektiv eru kommen;

- datt et dem Beruff vum fräiwëllegen Zaldot un Attraktivitéit feelt, wat zum Deel och op e Manktem vu beruffleche Perspektiven nom Enn vum Militärdéngscht zréck ze féieren ass.

D'Chamber erënnert un:

- d'Exklusivitéitsrecht an d'Virrecht vun de fräiwëllegen Zaldoten op Posten, ënner anerem beim Staat, an den Administratiounen, bei den ëffentlechen Etablissementer, bei de Gemengen an op der Eisebunn (groussherzoglecht Reglement vum 13. Dezember 2004);

D'Chamber fuerdert dowéinst d'Regierung op:

- dofir ze Suergen, datt dëst Reglement vun all hire Servicer, Administratiounen an ëffentlechen Etablissementer strikt agehale gëtt;

- datt besonnesch de Banneminister d'Gemengen nach eemol op dëst Reglement opmierksam mécht a kontrolléiert op d'Bestëmmunge bei der Rekrutementer och agehale ginn;

- datt d'groussherzoglecht Reglement vum 13. Dezember 2004 esou ëmgeännert gëtt, datt nieft der Eisebunnsgesellschaft och Luxtram ënnert seng Bestëmmunge fällt;

- datt d'Zaldoten, am Kader vun hirer Formatioun, beschtméiglechst a méi cibléiert op déi verschidden Examen a Carrière virbereet ginn.